N°7906
Entrée le 11.05.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Enseignement supérieur
et de la Recherche

Le Ministre

**Äntwert vum Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung op d'parlamentaresch Fro Nr. 7906 vum 20. Abrëll 2023 vun der honorabeler Deputéierte Martine Hansen**

Ech kann effektiv bestätegen, dass zur Zäit e Recours contentieux géint Examensresultater vum Lycée Technique pour Professions de Santé (LTPS) virum Tribunal administratif unhänkeg ass. Et handelt sech dobäi ëm en Ex-Student vun engem vun de BTS-Programmer, déi am LTPS offréiert ginn.

Well et sech awer ëm en Dossier en cours virum Verwaltungsgeriicht handelt an aus Dateschutzgrënn, kann ech keng weider Detailer zu der Affär ginn.

Deementspriechend kënnen och keng Aussoen zur Vergläichbarkeet vun deem Fall mat aneren / änleche Fäll gemaach ginn, ausser dass et sech heibäi ëm deen eenzege Recours virum Verwaltungsgeriicht betreffend Benoutungen am Kader vu BTS-Programmer handelt.

Méi allgemeng, kann ech allerdéngs folgend Informatioune vum LTPS weiderginn iwwer d'Benoutung vun de Stagen a prakteschen Examen an de BTS-Programmer:

Wärend dem « Enseignement clinique » ginn d'Studenten op verschidde Stageterraine geschéckt, fir hir professionell Kompetenzen ze entwéckelen an hiert theoretesch Wësse praktesch ëmsetzen ze kënnen. An dësem Kader gi se vum ausgebilte Fleegepersonal begleet, fir hiert fachlecht a praktescht Wëssen ëmsetzen ze léieren. Den Enseignant vum LTPS geet zu festgeluechte Momenter mat de Studenten op den Terrain schaffen an evaluéiert souwuel formativ wéi sommativ, ob d'Acquis d'apprentissage erreecht gi sinn.

Wat déi sommativ Bewäertung vum « Enseignement clinique » ugeet, setzt déi sech zesummen aus der Bewäertung vun der Ekipp vum Terrain de stage, dat heescht vun deene Professionnels de santé, mat deenen de Student am Alldag wärend sengem Stage zesummegeschafft huet, an aus der Bewäertung vum Enseignant, dee sech wärend senger Visitt mam Student just op déi Evaluatioun ka fokusséieren. D'Gewiichtung vun deenen zwou Bewäertungen an der finaler Nott vum « Enseignement clinique » variéiert jee no BTS-Programm.

D'Benoutung baséiert sech op ee Kompetenz-System, dee pro Studiejoer a Stage definéiert ass. Dëse System determinéiert, wéi eng Kompetenzen de Student pro Stage muss erreechen, fir dësen ze bestoen.

Lëtzebuerg, den 11. Mee 2023

De Minister fir Héichschoul a Fuerschung

(s.) Claude Meisch